ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 7. August 2017

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Justizminister, d'Madame Minister fir Gesondheet ä Chancëgläichheet an d'Madame Minister fir Famill an Integratioun weiderzeleeden.

Der Weltgesondheetsorganisatioun (WHO) no, liewen 2017 méi wéi 200 Milliounе Meedercher a Fraen – aus 30 Länner an Afrika, dem Mëttleren Osten an Asien, wou déi weiblech Beschneidung zum Deel Bestanddeel vun de Bräich ass – mat enger Beschneidung vum weibleche Genitalorgan. Laut Schätzunge vun der Weltgesondheetsorganisatioun stierwe gutt e Véierel vun de betraffene Fraen un de Folge vun esou enger Beschneidung. Dës Prozedur, déi ouni medezinesch Grënn an dacks ënner onhygieneschen a primitive Bedéngungen duerchgefouert gëtt, ass eng Verletzung vun de Mënscherechter vu Meedercher a Fraen.

An deem Kontext hätt ech e puer Froen un d'Regierung:

1. Goufe bis haut Fäll gemellt oder bekannt, bei deenen eng Beschneidung vum weibleche Genitalorgan, vu Medeziner oder vu Privatleit, zu Lëtzebuerg praktizéiert gouf? Wa jo, wéi vill sinn dat der?
2. Presseberichter iwwer d'Evolutiounen am Zesummenhank mat der Migratiounskris an Däitschland behaapten, datt eng Rees an d'Heemechtsland ka genotzt ginn, fir esou Prozeduren duerchféieren ze loossen. Wat geschitt an deem Fall, wou dëst duerch kloer Signaler am Schoulëmfeld oder an ëffentleche Betreiungsstrukture festgestallt gëtt? Ass d'Personal fir dëse Sujet sensibiliséiert a sinn si verflicht esou Fäll ze signaliséieren? Wann si esou e Fall mellen, wat geschitt dann?
3. Ass de Gynekologen an aneren Dokteren hei am Land verséchert, datt si – wann si constatéieren, datt hir Patientin an deem Fall ass – esou ee Fall signaliséiere kënnen, ouni mat hire gesetzleche Verflichtungen a Konflikt ze geroden?
4. Goufen d'Gynekologen hei am Land an deem Kontext fir dëse Sujet sensibiliséiert? Wann nee, gesäit d'Regierung hei eng Noutwendegkeet?

ADR – Groupe parlementaire **22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745**
ADR – Parti politique

5. Gouf dru geduecht, den Elteren, deenen hiert mannerjäregt Meedchen – an där Zäit, an där et hei am Land lieft – Affer vun esou enger Genitalverstümmelung gëtt, d'Garde vum Mannerjäregen ofzehuelen?
6. Lafen hei am Land Opklärungscampagnen zum Sujet Genitalverstümmelung, déi sech spezifesch un d'Migranten an un d'Flüchtlinge riichten? Wann net, sinn der da geplangt a gëtt et schonn e Konzept dofir?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten